Sam Tanson – Ministre de la Culture

Gréiwemaacher 70. Drauwen- a Wäifest

D'Wäibierger an d'Riefstäck prägen eis Muselgéigend net just geographesch an ekonomesch, mee och historesch a kulturell. Esou huet schonn de Michel Lentz an der éischter Strof vun der *Heemecht* mat den Zeile "*Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit, den Himmel Wäin ons mécht*" der Musel e wichtegt Denkmal gesat.

Wéi a villen anere Beräicher och, trëtt am Wäibau d'Zesummespill vun Traditioun an Innovatioun däitlech ervir. E Joerhonnert aalt Wëssen a Kënnen, dat vu Generatioun zu Generatioun weider gi gëtt, trëfft hei op jonk an dynamesch Wënzer, déi dëst mat vill Passioun weider féieren an entwéckelen.

Dat beléifte Maacher Drauwen- a Wäifest, dat dëst Joer seng 70. Editioun feiert, ass e feste Bestanddeel vun eisen traditionelle Volleksfester. Déi regional Kultur an de Patrimoine ginn hei d'Zäit vun engem Weekend groussgeschriwwen. Fir de ronne Gebuertsdag gëtt niewent dem musikaleschen Encadrement och eng Ausstellung iwwert 70 Joer Lëtzebuerger Wäikinnigin gewisen.

D'Promotioun vun eise regionale Produiten an eise kulturelle Wäerter an Traditiounen aus dëser Regioun iwwert eis Grenzen eraus, ass eng wichteg Aufgab fir d' Vermaartung vun der Muselgéigend an eisem Land. An dësem Sënn wënsche mir der neier Wäikinnigin Jessica vill Freed an Erfolleg bei dëser Aufgab.

Och dem Organisatiounscomité Gréiwemaacher, esou wéi all deenen, déi mat vill Engagement beim Opsetze vum villverspriechende Kaderprogramm gehollef hunn, wënsche mir vill Succès bei de Feierlechkeeten.

Sam TANSON
Kulturministesch